# D'Koloskopie

## BEREET IECH OP D'ËNNERSICHUNG VIR

**DAARMKRIIBS ASS DÉI ZWEETHEEFEGST KRIIBSERKRANKUNG ZU LËTZEBUERG**



Programme Dépistage Cancer colorectal

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

Wat ass eng Koloskopie? 3
**Firwat** soll ech eng Koloskopie maache loossen? 4
**Wou** kann ech eng Koloskopie maache loossen a vu wiem? 5
Wéi huelen ech e **Rendez-vous** fir d'Koloskopie? 6
Wéi eng **Dokumenter** muss ech fir mäi Rendez-vous mathuelen? 6
**Precautioune** fir d'Koloskopie 7
**Wéi bereeden ech mech** op d'Koloskopie **vir**? 7
Am Prakteschen 8
**Oflaf** vun der Ënnersichung 12
**Iwwerwaachung** no der Koloskopie 12
**Risiken** a Komplikatioune vun der Koloskopie 13
Hygiène a **Sécherheet** 14
**Awëllegung** 14
Bedeelegung un de **Käschten** 14
De Screening-**Programm** 15

Programme Dépistage Cancer colorectal

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

Editioun November 2023


ISBN 978-2-919797-40-0

Ären Dokter huet Iech geroden, eng Koloskopie maachen ze loossen, déi gläich usteet. Fir dass Dir genau iwwert den Oflaf vun däser medezinescher Prozedur Bescheed wësst, liest wgl. dëst Dokument opmierksam duerch. Ären Dokter kann Iech zu all Moment weider Prezisiounen zum Sujet ginn.

# Wat ass eng Koloskopie?


Bei enger Koloskopie gëtt dee bannenzegen Deel vun Ärem Déckdaarm mat Hëllef vun engem beweeglechen Tüb mat enger Videokamera, also engem Endoskop oder Koloskop, gekuckt. Zil vun däser Ënnersichung ass virun allem Polyppen z'entdecken an dës wa méiglech direkt ewechzehuelen. Polyppe si kleng Wucherungen un der Daarmhaut, déi mat der Zäit evoluéieren an zu Daarmkriibs degeneréiere kënnen. D'Reussite vun der Ënnersichung hänkt vun enger gudder Virbereedung vun Ärem Daarm of.



# Firwat soll ech eng Koloskopie maache loossen?

Et ass de Referenz-Exame fir eng Feinënnersichung no engem Stulltest mat Hiweis op Bluttverloscht. Et ass och den éischten Test, dee bei Persoune mat héijem Risiko op Daarmkriibs duerchgefouert gëtt. Wärend der Koloskopie kënne vum Dokter detektéiert Lesiounen als Prouf fir eng Analys am Labo oder eng Biopsie geholl ginn. Bei engem klenge Polyp kann dësen och direkt ewechgeholl ginn, éier en zu Kriibs degeneréiert.



EWECHHUELE VU POLYPPEN

Och wann d'Ënnersichung vollstänneg duerchgefouert gëtt, kënne kleng Lesiounen onbemierkt bleiwen a sech an de Méint dono developpéieren. Dofir recommandéiere mir de FIT-Test (Stulltest) all 2 Joer ze widderhuelen. Ären Dokter kann Iech awer och direkt eng weider Kontroll-Koloskopie recommandéieren: et ass wichteg, sengem Avis ze follegen.

**AM UFANKSSTADIUM WEIST DAARMKRIIBS NET ËMMER SYMPTOMER OP**

**DUERCH ENG KOLOSKOPIE KËNNEN DÉI MEESCHT DAARMKRIIBS-ERKRANKUNGEN ENTDECKT GINN!**

# Wou kann ech eng Koloskopie maache loossen a vu wiem?

Eng Rëtsch Zenteren a Fachmedezinner (Gastroenterologen an Internisten) si vum Gesondheetsministère agreéiert, fir Koloskopien am Kader vum Screening-Programm duerchzeféieren.

D'Lëscht vun den agreéierten Zenteren a Medeziner kritt Dir bei Ärem Hausdokter oder op www.sante.lu. Den Agrement garantéiert dass d'Qualitéits- a Sécherheetskrittären bei der Realisatioun vun der Koloskopie agehale ginn. Dir fannt d'Krittäre vum Agrement vun den Zenteren an de Medezinner och op www.sante.lu.

Dir kënnt den Zenter an de Medezinner fir Är Koloskopie fräi wielen.

Wann Dir Iech fir ee Medezinner entscheet, deen net agreéiert ass, da kënnt Dir d'Koloskopie trotzdeem maache loossen, mee se gëtt dann net am Kader vum PDOCCR (mat anerem Remboursement) realiséiert.




**BEI FROEN, ADRESSÉIERT IECH UN DE KOORDINATIOUNS-ZENTER: 247-75550**

Programme Dépistage Cancer colorectal

# Wéi huelen ech e Rendez-vous fir d'Koloskopie?

Huelt e Rendez-vous am Zenter vun Ärem Choix a gitt dobäi un, **dass et eng Koloskopie** no engem anormale Resultat vun engem Test op Bluttspueren am Stull (FIT-Test) **am Kader vum nationale Programm ass**. Dir kritt dann ee Rendez-vous fir d'Koloskopie, wa méiglech, bannent 30 Deeg.

Haalt Är Carte d'identité an Är Sozialversécherungskaart bereet, fir Är exakt Coordonnéeën (Numm, Virnumm, Matricule) kënnen unzeginn.

Den agreéierten Zenter oder Medezinner deelen Iech den Datum an d'Auerzäit vun Ärem Rendez-vous mat. Hei kritt Dir och eng Ordonnance fir den Daarm-Preparatiouns-Produit an d'Apdikt sichen ze goen, an d'Consignen, déi Dir beim Drénke vun dëser Preparatioun respektéiere musst.

D'Koloskopie kann och ënner Anästhesie duerchgefouert ginn: an deem Fall kritt Dir e Rendez-vous fir eng Consultatioun virun der Anästhesie fir all néideg Informatiounen zu dëser medezinescher Prozedur opzehuelen.

# Wéi eng Dokumenter muss ech fir mäi Rendez-vous mathuelen?

- ☑ D'Ordonnance fir eng Koloskopie, ënnerschriwwen vun Ärem Dokter oder d'Resultat vun Ärem FIT-Test +.
- ☑ Är Sozialversécherungskaart an Är Carte d'identité
- ☑ D'Lëscht vun de Medikamenter déi Dir reegelméisseg anhuelt

# Precautioune fir d'Koloskopie

Wann Dir Medikamenter géint d'Bluttgerënnung (Clexane©, Sintrom©, Plavix©...), Aspirin, Entzündungshemmer (Diclofénac©, Celebrex©, Arcoxia©...), oder Insulin huelt, da beschwätzt dat mat Ärem Dokter op d'mannst 2 Woche virun Ärem Rendez-vous fir d'Koloskopie, fir dass hien/si, wann néideg, den Traitement virum Examen entspriechend Ärem Gesondheetszoustand upasse kann.



**!**

**Vergiesst net Ärem Dokter all Medikamenter matzedeelen, déi Dir anhuelt, an ze preziséieren, wann Dir Allergien oder soss Krankheeten hutt, besonnesch Häerzproblemer oder Diabetes mat Insulin-Traitement.**

# Wéi bereeden ech mech op d'Koloskopie vir?

Fir d'Qualitéit an d'Sécherheet vum Examen ze garantéieren, ass et immens wichteg dass Ären Daarm absolut propper ass.

Fir Reschtbestänn am Daarm z'eliminéieren, ass et néideg wärend 3 Deeg virum Examen ee spezielle Regimm anzehalen an eng flësseg Preparatioun ze drénken, déi Iech vum Dokter, deen d'Koloskopie maache wäert, verschriwwe kann ginn an déi Dir an der Apdikt kritt.



**3 DEEG VIRUM EXAMEN MUSS EE SPEZIELLE REGIMM AGEHALE GINN**

# Am Prakteschen

## 1 BALLASTSTOFFAARME REGIMM, DEEN 3 DEEG VIRUM EXAMEN AGEHALE MUSS GINN

Keng Liewensmëttel mat Ballaststoffer, keng Kären oder Som méi iessen. D'Kären am Daarm, zesumme mat der Botzflëssegkeet, kënne beim Ofsaugen de Kanal vum Endoskop blockéieren, wat dozou féiert, dass d'Koloskopie muss ënnerbrach ginn.

**Verbuede Liewensmëttel:** Uebst a Geméis (weder réi nach gekacht), a besonnesch déi mat Kären, wéi Kiwi, Tomaten, Drauwen, Kornischong, etc. Evitéiert och Käre wéi déi am Müsli, am Vollkarbrout oder am Gebeess.

**Erlaabte Liewensmëttel:** Wäisst Fleesch a Fësch, Eeër, wäisst Brout, Nuddelen, wäisse Räis, Gromperen a Mëllechproduite wéi Mëllech, Kéis oder Jugurt.

## 2 DE REGIMM UM DAG VIRUM EXAMEN

Den Dag virun der Koloskopie musst Dir mëttes eppes Liichtes iessen (ouni Käre-Produiten): klore Bouillon, wäisst Brout mat Stoffi oder Gebeess als Jelli oder Hunneg, wäisse Räis, Nuddelen, Naturjugurt, Pudding ouni Kären.

Fir ze drénken: Kaffi, Téi, Waasser ouni Spruddel. Jus mat Fruuchtfleesch gëllt et z'evitéieren.


Wann **Är Koloskopie den Dag drop moies** ass, dann dierft Dir owes näischt méi iessen.

Wann **Är Koloskopie den Dag drop am Nomëtteg** ass, da kënnt Dir owes eppes Liichtes iessen (ouni Käre-Produiten): klore Bouillon, wäisst Brout mat Stoffi oder Gebeess als Jelli oder Hunneg, wäisse Räis, Nuddelen, Naturjugurt, Pudding ouni Kären.

## 3 D'VIRBEREEDUNG VUN ÄREM DAARM MAT DER DAARMSPÜLUNG

D'Daarmspülung als Virbereedung vun Ärem Daarm kann mat enger **Preparatioun** op Polyethylenglycol-Basis **fir ze drénke** gemaach ginn. Dëst ass ee salzeg schmaachende Laxatif, dat opgrond vun den Elektrolyten (Salzer) déi dra sinn. D'Elektrolyten déngen dozou, e Verloscht un Natrium oder Kalium oder Waasser bei der Virbereedung vum Daarm z'evitéieren. Dës Salzer hu kee bedeitenden Afloss op de Bluttdrock. Wann Dir eng dekompenséiert Häerz- oder Nierenënnerfunktioun hutt, oder wann Dir allergesch op d'Bestanddeeler sidd, da musst Dir dat dem Dokter matdeelen, deen d'Koloskopie duerchféiert: dëse proposéiert Iech dann eng Preparatiounsflëssegkeet déi Ärer Situatioun ugepasst ass.

D'Preparatioun, déi déi aktiv Moleküll („Macrogol") enthält, existéiert ënnert der Form vu verschiddene pharmazeutesche Produiten: Klean Prep© Moviprep©, Colofort©, Endofalk©



Den Dokter, deen Är Koloskopie duerchféiere wäert, wielt ee vun deene Produiten aus. Generell sinn dat Sachete mat Pudder, dat a plattem Waasser opgeléist gëtt. Hie wäert Iech, zesumme mat der Ordonnance fir de Produit an der Apdikt ze kafen, och déi entspriechend Consignë matginn, fir de Produit ze preparéieren an ze drénken.

Et ass wichteg ze betounen datt d'Wiel vun der Virbereedung vun Dokter zu Dokter variéiere kann. Hien oder Sie kéint Iech also aner Optioune proposéieren. Zéckt net mat him oder hier ze diskutéieren.

Éier Dir d'Preparatiounsflëssegkeet zoubereet, liest d'Gebrauchsanweisung, d'Konter-indikatiounen an d'Niewewierkunge gründlech duerch. Wann eng Konterindikatioun Iech concernéiert, rufft dem Dokter un, deen d'Koloskopie duerchféiere wäert, fir dësen ëm Rot ze froen.

**Consignen, déi Dir respektéiere musst: D'Anhuele vun der Preparatiounsflëssegkeet variéiert jee nodeem ob Är Ënnersichung moies oder am Nomëtteg duerchgefouert gëtt.**

- Ab deem Moment wou Dir ufänkt d'Preparatioun ze drénken, dierft Dir näischt méi iessen.
- Frot Ären Dokter ëm Rot wat Är aner Medikamenter betrëfft; allgemeng sollt Dir, kuerz éier Dir ufänkt d'Preparatioun ze drénken, keng Pëllen méi anhuelen, well dës soss den Verdauungstrakt séier passéieren an net voll absorbéiert kënne ginn. Se sinn also onwierksam. Generell gëtt ugeroden, dës op d'mannst 2 Stonne éier Dir ufänkt d'Preparatioun ze drénken, oder 2 Stonnen nodeem Dir de leschte Liter gedronk hutt, anzehuelen.

## A GËTT ÄR KOLOSKOPIE MOIES DUERCHGEFOUERT? = D'PREPARATIOUN GËTT VERDEELT GEDRONK

| J -3 | J -2 | J -1 | JOUR DE L'EXAMEN |
|---|---|---|---|
| • Regimm | • Regimm | • Regimm<br>• Tëscht 17:00 an 20:00 Auer: 3/4 vun der Preparatioun drénken an näischt méi iessen | • Moies näischt iessen<br>• De Rescht vun der Preparatioun drénken<br>• 3 Stonne virum Rendez-vous ophalen |

**Fänkt den Dag virun der Ënnersichung géint 17:00 Auer un** d'Preparatioun ze drénken. Et gëtt ugeroden tëschent 17:00 an 20:00 Auer unzefänken (ongeféier 3/4 vun der gesamter Preparatioun). Allgemeng musst Dir 1 bis 2 Stonnen dono op d'Toilette, an déi ganz Prozedur dauert 4 bis 5 Stonnen, jee nodeem wéi schnell de Produit verdaut gëtt. Bleift also an der Géigend vun enger Toilette. Wann Dir géint 17:00 Auer ufänkt de Produit ze drénken, **dann ass d'Preparatiounsphas géint 22:00 Auer fäerdeg**. Dir kënnt d'Preparatioun awer och méi spéit ufänken, mee da riskéiert Dir een onrouegen Owend oder eng onroueg Nuecht.

Um Moie vun der Ënnersichung musst Dir 3 Stonne virum Rendez-vous de Rescht vun der Preparatioun drénken (ongeféier 1/4 vun der gesamter Preparatioun). Stullreschter vun der Nuecht wäerten esou virun Ärer Koloskopie eliminéiert ginn.

## B GËTT ÄR KOLOSKOPIE AM NOMËTTEG DUERCHGEFOUERT? = D'PREPARATIOUN GËTT NET VERDEELT GEDRONK

| J -3 | J -2 | J -1 | JOUR DE L'EXAMEN |
|---|---|---|---|
| • Regimm | • Regimm | • Regimm | • Moies näischt iessen<br>• Déi ganz Preparatioun drénken |

Fänkt um Dag **vun Ärer Ënnersichung géint 8:00 Auer un** d'Preparatioun ze drénken.

Léist all Sachet an engem Liter platt Waasser op an **drénkt d'Preparatioun** wa méiglech bis 12:00 Auer mëttes. Allgemeng musst Dir 1 bis 2 Stonnen dono op d'Toilette, an déi ganz Prozedur dauert 4 bis 5 Stonnen, jee nodeem wéi schnell de Produit verdaut gëtt.

Bleift also an der Géigend vun enger Toilette.

## 4 E PUER PRAKTESCH ROTSCHLÉI FIR D'PREPARATIOUN BESSER ZE VERDROEN

- D'Preparatioun léist sech méi einfach drénken, wa se **kal** ass. Preparéiert se am viraus a stellt se an de Frigo.
- Wann dee salzege Vanillsgeschmaach Iech stéiert, kënnt Dir ee **Sirop** bäiginn (z. B. Menthe, Grenadine, Zitroun, etc).
- Dir kënnt de Geschmaach awer och iwwerdecken andeems Dir eng staark **Kamell** lutscht.
- Wann et Iech schlecht gëtt deelt d'Preparatioun a **méi kleng Dosissen** an.
- Benotzt eng **Crème** fir Hautirritatiounen um Anus, wéinst dem flëssege Stullgang, ze verhënneren.
- Wann Dir d'Preparatioun net verdroe sollt, frot beim Zenter, wou Dir d'Koloskopie duerchféiere loosst, ëm Rot. Wann de Problem weider besteet a wann Dir d'Preparatioun net vollstänneg drénke kënnt, kontaktéiert den Dokter, deen d'Koloskopie duerchféiere soll, fir iwwert eng Alternativ Preparatiounsmethod ze schwätzen.

## 5 WANN ÄREN DAARM ONGENÜGEND PREPARÉIERT GOUF

Wann nach Stullréckstänn an Ärem Daarm sinn, kann den Dokter Är Daarmhaut net uerdentlech ënnersichen an e kann net gesinn, ob Polyppen ewechgeholl musse ginn. En decidéiert dee Moment, fir d'Koloskopie ofzebriechen a proposéiert Iech een aneren Dag erëmzekommen, nodeems Dir eng vollstänneg Preparatioun ofgeschloss hutt.

**DUERCH D'ANHALE VUN ENGEM STRIKTE REGIMM AN DUERCH D'DAARMSPÜLUNG KANN ÄR KOLOSKOPIE ËNNERT OPTIMALE BEDÉNGUNGEN DUERCHGEFOUERT GINN**

# Oflaf vun der Ënnersichung

Wärend der Ënnersichung läit Dir op der Säit oder um Réck. Den Endoskop (beweeglecht Gerät mat enger Kamera) gëtt an den Anus agefouert.

D'Koloskopie dauert ongeféier 20 Minutten. Fir dass d'Ënnersichung méi agreabel fir Iech ass, a fir den Oflaf ze vereinfachen, kënnt Dir ee Berouegungs-mëttel kréien. Wärend der Ënnersichung gëtt $CO_2$ an den Daarm geblosen, fir dass d'Daarmhaut besser ze gesinn ass.




No der Ënnersichung kann d'Loft am Daarm zäitweis zu engem opge-blosene Bauch féieren. Wann Dir no der Ënnersichung doheem Péng hutt, kontaktéiert den Endoskopie-Service iwwert d'Telefonsnummer, déi Iech matgedeelt gouf. Wann de Problem ausserhalb vun den Ëffnungszäiten optrëtt, kontaktéiert d'Urgence vum Spidol, dat Garde huet.

Wann Dir d'Ënnersichung ënnert staarker Sedéierung oder Vollnarkos duerchféiere loosse wëllt, dann ass eng speziell Consultatioun am Viraus mat engem Anästhesist néideg. Gitt dëst un, wann Dir Äre Rendez-vous huelt.

# Iwwerwaachung no der Koloskopie

Wann Dir keng Sedéierung oder Vollnarkos hat, kënnt Dir direkt no der Ënnersichung heem oder op d'Aarbecht goen.


Wann Dir sedéiert gouft oder eng Vollnarkos hat, musst dir normalerweis wärend 1 bis 3 Stonnen no der Ënnersichung am Iwwerwaachungsraum waarden, éier dir heem dierft. Eng méi laang Iwwerwaachung kann néideg sinn, wann eng Polypektomie (Ewechhuele vu Polyppen) néideg war. D'Iwwerwaachungsdauer gëtt vum Dokter fixéiert.

Wann Dir ee Berouegungsmëttel krut, sedéiert gouft oder eng Vollnarkos hat, dann dierft Dir net selwer fueren. An deem Fall muss eng aner Persoun Iech heem féieren.

# Risiken a Komplikatioune vun der Koloskopie

**KOMPLIKATIOUNE BEI ENGER KOLOSKOPIE SI RAR**

All medezineschen Agrëff kann zu Komplikatioune féieren, och wann dësen entspriechend de Kompetenz- a Sécherheetsnormen nom aktuelle Stand vun der Wëssenschaft an den entspriechende Virschrëften duerchgefouert gouf.



- Eng Perforatioun vum Daarm, eng schwéier Komplikatioun vun der Koloskopie, ass ganz seelen a muss an der Reegel chirurgesch noutfallversuergt ginn.
- Eng schwéier Bluddung no enger Polypektomie ass seelen. Dës kann duerch eng Tendenz zu Bluddungen oder duerch Medikamenter géint Bluttgerënnung begënschtegt ginn. Eng endoskopesch oder chirurgesch Interventioun an/oder Transfusioune kënnen hei néideg sinn.
- Weider méiglech mee seele Komplikatioune si kardiovaskulär Problemer, Stéierunge bei der Ootmung oder eng Infektioun. Den Infektiounsrisiko ass immens kleng, well strikt Desinfektiounsprozeduren no all Benotzung vum Endoskop agehale ginn a well d'Material fir Polyppen oder kriibsaartege Lesiounen ewechzehuelen no eemolegem Gebrauch ewechgeheit gëtt.

Dës Komplikatiounen trieden an der Reegel direkt no der Koloskopie op, se kënnen awer och eréischt e puer Deeg no der Ënnersichung optrieden.

**!** **Wa Bluddungen, Bauchwéi, Féiwer oder aner anormal Symptomer optrieden, och an den Deeg no der Ënnersichung, kontaktéiert esou séier wéi méiglech den Dokter, deen d'Koloskopie duerchgefouert huet, oder gitt an d'Urgence vun engem Spidol.**

# Hygiène a Sécherheet

Fir Är Sécherheet ze garantéieren halen den Zenter an den Dokter, deen Dir ausgewielt hutt fir Är Koloskopie duerchzeféieren, strikt Hygiènes- a Sécherheetsnormen an, besonnesch wat d'Desinfektioun an d'Botze vum Koloskop ugeet. Si verflichte sech Material fir Polyppen oder kriibsaarteg Lesiounen ewechzehuelen no eemolegem Gebrauch ewechzegeheien.

**BEI FROEN, ADRESSÉIERT IECH UN DE KOORDINATIOUNS-ZENTER: 247-75550**

# Awëllegung

Éier d'Koloskopie duerchgefouert gëtt, musst Dir eng Awëllegung ënnerschreiwen, déi Dir dem Dokter ofgitt, deen d'Koloskopie wäert duerchféieren. Mat dëser Ënnerschrëft confirméiert Dir, dass Dir déi néideg Informatiounen iwwert d'Koloskopie krut, dass Dir Froen un den Dokter stelle konnt an dass Dir d'Virdeeler an d'Risike vun der Ënnersichung verstanen hutt.



# Bedeelegung un de Käschten

Är finanziell Bedeelegung un der Duerchféierung vun der Koloskopie:

- An der Apdikt bezuelt Dir een Deel vum Präis vum Daarm-Preparatiouns-Produit (60%), deen aneren Deel gëtt vun Ärer Krankekeess iwwerholl.
- Wann Dir d'Koloskopie ouni Sedéierung duerchféiere loosst, bezuelt Dir d'Ënnersichung beim Dokter, deen d'Koloskopie duerchféiert. Dir gitt dono vun der Krankekeess remboursséiert. Wann Är Koloskopie mat Sedéierung oder Vollnarkos duerchgefouert gëtt, da kann den Dokter op den Tiers payant zeréckgräifen. D'Spidol freet dann eng Bedeelegung un de Käschten.

# De Screening-Programm

## ZILER

1. D'Stierflechkeet vum Daarmkriibs reduzéieren.
2. Den Daarmkriibs fréizäiteg erkenne fir d'Patiente méi liicht behandelen ze kënnen.
3. D'Entwécklung vu Kriibs verhënneren, duerch d'Ewechhuele vu Polyppen.

## GESTIOUN

De Gesondheetsministère ass zoustänneg fir d'Ausféierung vum Daarmkriibs-Fréierkennungsprogramm, seng nodréiglech Evaluatioun an d'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën. De Programm gëtt an Zesummenaarbecht mat der Gesondheetskeess (CNS) organiséiert.

Am Prakteschen, gëtt de Screening-Programm vun engem Koordinatiounszenter fir Kriibs-Fréierkennungsprogrammer (Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers) geréiert an ausgefouert, deen der Gesondheetsdirektioun am Gesondheetsministère ënnerstallt ass.

## PERSÉINLECH DONNÉEËN

Är perséinlech Donnéeën a medezinesch Informatiounen am Kader vun Ärer Koloskopie, inklusiv d'Resultat vum Screening, gi vum Dokter, deen Är Koloskopie realiséiert huet, a vum Laboratoire deen d'Prouwen analyséiert, un Ären Dokter vum Vertrauen geschéckt, esou wéi un den zoustännegen Dokter vum Daarmkriibs-Fréierkennungsprogramm fir de Suivi vun Ärem Screening ze garantéieren. Des Donnéeë ginn dono pseudonymiséiert a vertraulech veraarbecht, fir d'Effikassitéit vum Screening-Programm an e Verglach mam nationale Kriibs-Regëster z'erméiglechen.

Wann Dir tëscht zwee Screeningen eng Koloskopie gemaach hutt, schéckt d'Gesondheetskeess dem zoustännegen Dokter vum Screening-Programm e puer Informatiounen zu dëser Ënnersichung (Datum, Adress, Numm vum Dokter deen d'Koloskopie verschriwwen huet, an Numm vum Dokter dee se duerchgefouert huet). Mat dësen Donnéeë kann d'Frequenz vun Ären Ënnersichungen adaptéiert ginn.

Geméiss dem Gesetz vum 2. August 2002 zum Persouneschutz am Kader vun der Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën, behaalt Dir d'Recht op Är Donnéeën zouzegräifen, dës verbesseren ze loossen an d'Recht lech der Veraarbechtung vun Ären Donnéeën z'opposéieren. Adresséiert lech dofir un de Koordinatiounszenter fir Kriibs-Fréierkennungsprogrammer (Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers).



## FIR WEIDER FROEN ZUM SCREENING-PROGRAMM:

- Kontaktéiert de **Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers**
  Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale,
  Direction de la santé
  20, rue de Bitbourg
  L-1273 Luxembourg-Hamm
  Tél. : (+352) 247 755 50
  E-mail : colorectal@ms.etat.lu
- Consultéiert
  **www.sante.lu**

Programme
Dépistage
Cancer colorectal